

fus / Kier / med
par

EDITORIAL

Dēi lāscht Zäit geet an der Lëtzebueger Press vill Riets vu Klerikalismus a Faschismus. Verschiddentlech, a besonnesch bei der sougenannter "Antifaschistescher Liga", engem neien, exklusiv(!) Veräin, deen awer bis haut säin Faschismus-Begrëff nach nët definëiert huet, gin di zwee Begrëffer suguer wäitgehend gläichgesat. Mam Faschismus-Begrëff wëllt de GAG sech haut nët auserneesetzen, well dëse Begrëff (historesch richteg nëmmen fir di italienesch Bewegung ënnert dem Mussolini vun 1920-45) dierft wuel nie an engem mēi allgemenge Gebrauch d'Unanimität vun den Historiker a Politologe fannen.

De Begrëff Klerikalismus dierft awer kloer sin: e bezeechent de Versuch vun der Kierch (als Institution) politesch Muecht an engem Staat auszuüben, resp., an engem weidere Sënn, staarken Afloss op dēi Muecht ze kréien.

Ween zu Lëtzebuerg dem L.W., der CSV oder der Kierch Klerikalismus vierwörft, kritt gewëinlech de Vierwurf vun Antiklerikalismus zrëck. Bei dësem Begrëff gët awer bewosst mat engem dueble Sënn gespillt. Engersäits bezeechent en nämlech dēi Position, di gēint de Klerikalismus am uewegenannten Sënn agestallt as. An deem Sënn gēif och de GAG sech als antiklerikalistesche bezeichnen, well hien der Meenung as, d'Kierch dierft als sollech keng politesch Muecht ausüben sichen. Dës Definioun gët awer anerersäits gär vermëscht mat enger anerer, dēi eng allgemeng Anti-Haltung zur Kierch als solcher bezeechent, am Lëtzebuergeschen besser "Pafesfrësserei" genannt. D'Rietskräften versiche natierlech dës Verwëschung vun zwee Begrëffer mēiglechst ze verbreedden, fir am Vollek d'Angscht virun antireliösen an antikierchleche Kräften z'ënnerhalen. Dem GAG schëngt, dass dës Gefor awer minim as (matt Ausnahm alerdëngs vun e puer peniblen Entgleisungen an der Press vun de Summermēint), dass par contre dēi Begrëffsverwëschung Zeechen as, dass d'Rietskräften eppes wëlle verstoppen.

Op de Vierwurf vum Klerikalismus, deen d'Lënkskräften erhiewen, berechtigt as, as eng aner Fro. Sëcher bidd dēi enk Zesummenaarbecht vun der kierchlecher Dagespress mat enger konservativer Partei Ulass zu muenche Mëssverständnësser Och den "C" am Numm vun dëser Partei dierft kaum zu enger Klärung vun de Verhältnësser tëscht Kierch a politescher Muecht bäidroen. Op awer d'Kierch als sollech Muecht ustriewt, soll hei dohigestallt bleiwen. Offen as och d'Fro, bis wuer dee kriteschen gesellschaftspoliteschen Afloss, deen d'Kierch sëcher berechtigt as ze hun, dierf goen.

Dës Froen verdëngen awer onbedëngt seriös hei zu Lëtzebuerg diskutëiert ze gin. Usätz derzou si jo schon an der Viirlag iwert "GLAW A POLITIK" vun der Synodekom-

missioun 8 ze fannen. Leider as dēi öffentlech Diskussioun vun dēser Viirlag sou gudd wēi inexistent, e Vierwurf, dee sech nēt nēmmen un d'Press mä och un d'Synode-verantwortlech riicht. An dēi öffentlech Diskussioun iwert d'Thema u sēch as meesch-tens duerch Zeitungspolemiken vergēft. Fir bēide Mēsstänn opzehēllefen, huet de GAG all politesch Parteien (CSV, DP, SDP, LSAP, KP) an all wichteg lētzb. Presseorga-ner (Journal, Lëtzeburger Wort, Rēpublicain Lorrain, tageblatt, Zeitung, Lëtze-burger Land, Fräiheet a Fortschrëtt, Revue, RTL) op eng "Table ronde" invitēiert zum Thema "Glaw, Kierch a Politik", mëttwochs de 6. Oktober 1976 um 20.00 Auer am Sall VOX op der Theaterplaz zu Lëtzebuerg. Mat engem mēiglechst grouss Publikum hofft de GAG, dass dēse Forum endlech dēi onēmgänglech Diskussioun zu Lëtzbüerg aleed. Wēi ka soss d'Vollversammlung vun der Synod dēi tatsächlech Meenungen am Vollek kennen an zur Grondlag vun hiren Entscheedunge maachen ?

GAG